# Pressemitteilung

## Qualitéitsverloscht am sozio-edukative Secteur duerch d'Aféierung vum "DAP Education"

Säit Jore fuerdert den OGBL-Syndikat Gesondheet a Sozialwiesen, den DAP vum Auxiliaire de Vie ze reforméieren, an dëse Leit doduerch déi néideg Unerkennung ze ginn, déi se verdéngt hunn. Et handelt sech hei schliisslech ëm e Beruff, deen ee ganz polyvalent asetze kann, an dat an alle Beräicher vun der sozio-edukativer an der fleegerescher Aarbecht, sief dat mat Kanner, Jugendlechen, Erwuessenen, eelere Leit oder Leit mat Behënnerung. Déi elo ugekënnegt Aféierung vun engem DAP Education, deen op de Beräich vun der Aarbecht mat Kanner tëschent 0 an 12 Joer ausgeriicht ass, féiert dozou, datt ee groussen Asazberäich vum Auxiliaire de Vie ewechfällt. De Beruff gëtt also net opgewäert, am Géigendeel, et gëtt esouguer fälschlecherweis vermëttelt, datt deen net fir déi genannten Zilgrupp gëeegent ass. Et handelt sech also em eng konkret Ofwäertung vum Auxiliaire de Vie.

Zousätzlech ass den OGBL alarméiert, wann et drëms geet wat deen neien DAP Education fir d'Formatioun vum Educateur Diplômé bedeit. Laut der Broschür, déi vum Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ausgeschafft ginn ass, soll een am DAP Education léieren, d'Entwécklung vun de Kanner vun 0 bis 12 Joer ze beobachten an ze betreien an Aktivitéiten opzebauen, fir dës ze fërderen. Bis elo war dat an de Crèchen an an de Maisons-Relais d'Aufgab vum Educateur Diplômé. Net nëmme gëtt een heimat deene jonken Educateuren ze verstoen, datt ee fir hir Aarbecht ze maachen am Fong guer keng 14e brauch, et hëlt een hinnen och e ganz groussen Asazberäich ewech. Aus der Vue vum Patron ass et schliisslech méi interessant, ee Jonke mat engem DAP anzestellen, well dat finanziell vill méi rentabel ass.

Laut der Broschür vum MENJE ass et och esou, datt déi Jonk, déi en DAP Education wëlle maachen, just 5 Stagë vu 6 Wochen innerhalb vun hirer Ausbildung solle maachen. Dëst heescht, datt si vill manner Praxis-Erfarung an hirer Formatioun sammele wéi dat beim Auxiliaire de Vie de Fall ass, an dementspriechend vill manner mam Terrain vertraut sinn, wa si ufänke mat schaffen. Hei muss een sech froen, wéi wäit d'Qualitéit vun der Aarbecht herno wäert dorënner leiden. Et ass och méi wéi frowierdeg, datt déi Jonk am DAP Education virun allem solle fir d'Aarbecht mat Kanner vun 0 bis 12 Joer forméiert ginn, mee laut Broschür awer no hirer Ausbildung och kënnen a sozio-pedagogesche Strukture fir Jugendlecher schaffen. D'Aarbecht mat Jugendlecher setzt ganz aner Kenntnisser a Kompetenze viraus wéi déi mat Kanner, déi een an der Formatioun vum DAP Education awer scheinbar net vermëttelt kritt. Den Auxiliaire de vie gëtt also als polyvalenten Acteur an den Eck gedréckt an den neie geziilten DAP soll dann awer rëm a Beräicher agesat ginn, déi net a senger Ausbildung virgesi sinn.

DÉPARTEMENT COMMUNICATION & PRESSE • OLIVIER LANDINI
31, rue du Fort Neipperg • B.P. 2031, L-1020 Luxembourg • T. +352 54 05 45 262
F. +352 54 05 45 280 • presse@ogbl.lu • ogbl.lu • facebook.com/ogbl.lu

# Pressemitteilung

Den Impakt vum DAP Education op de Beruff vum Educateur Gradué däerf och net ënnerschat ginn. Seng Aféierung riskéiert op laang Dauer mat sech ze bréngen, datt den Educateur Diplômé méi administrativ Aarbechten iwwerhuele wäert, wat bis elo d'Aufgab vum Educateur Gradué war. Eng Entwécklung déi et fir eis als OGBL ze verhënnere gëtt.

D'Aféierung vum DAP Education wäert also net just zu enger Ofwäertung vu verschiddenen anere soziale Beruffer féieren, mee doduerch och zu engem Verloscht vun der Qualitéit vun der Aarbecht um Terrain. Dofir fuerdere mir, datt déi Formatiounen, déi et scho gëtt an déi sech um Terrain bewäert hunn, endlech sollen iwwerschafft a qualitativ opgewäert ginn, amplaz neier dobäizesetzen, déi eng Hellewull vu Problemer wäerte mat sech bréngen. Leider schéngt och hei de Sozialdialog mam OGBL, als déi representativ Gewerkschaft an de sozio-edukativen Aarbechtsberäicher, am Educatiounsministère net prioritär gewiescht ze sinn, wéi een haut onschwéier um Resultat erkenne kann.

***Matgedeelt vum OGBL-Syndikat Gesondheet a Sozialwiesen***
***den 12. Juli 2022***

DÉPARTEMENT COMMUNICATION & PRESSE • OLIVIER LANDINI
31, rue du Fort Neipperg • B.P. 2031, L-1020 Luxembourg • T. +352 54 05 45 262
F. +352 54 05 45 280 • presse@ogbl.lu • ogbl.lu • facebook.com/ogbl.lu